



Fir eng synodal Kierch
Gemeinschaft | Matmaachen | Missioun



CANTICUM NOVUM

BULLETIN DE LIAISON
UNION SAINT-PIE X – PIUSVERBAND ASBL

2/2022

www.piusverband.lu

COMITE CENTRAL
DE L'UNION SAINT-PIE X
(2017-2022)



PRESIDENT

BOEVER MARC
L-9748 ESELBORN • 11, MECHERWEE
TÉL.: 92 00 23 - BANNETTE@PT.LU

VICE-PRESIDENTS

MAYER MARIE-SUZETTE
L-8821 KOETSCHETTE • 9, RUE DE MARTELANGE
TÉL.: 23 64 00 25 - MAYERSUSI@PT.LU

BECKIUS-GIRA JEANNY
L-5434 NIEDERDONVEN • 7, RUE DE LA MOSELLE
TÉL.: 76 80 63 - BECKIUSN@PT.LU

MULLER ROBY
L-5312 CONTERN • 8, AN DE LEESSEN
TÉL.: 26 70 17 79 - ROBYMULLER@PT.LU

SECRETAIRE GENERALE

JUNG-JUNGLUT LYDIE
L-4499 LIMPACH • 19, RUE DE RECKANGE
TÉL.: 37 87 73 - LYDIE.JUNG@VO.LU

TRESORIER GENERAL

DUSSELDORF JOHN
L-9090 WARKEN • 85, RUE DE WELSCEID
TÉL.: 81 92 18 - JOHN.DUSSELDORF@PT.LU

CONSEILLER ECCLESIASTIQUE

BACHE CLAUDE
L-6730 GREVENMACHER • 2, RUE DE LUXEMBOURG
TÉL.: 75 00 94 - CLAUDE.BACHE@EDUCATION.LU

REDACTEUR DU CANTICUM NOVUM

WILLKOMM LAURENT
L-1335 LUXEMBOURG • 3, RUE J.-G. DE CICIGNON
TÉL.: 48 13 22 - WILLKOMM@PT.LU

REPRESENTANT DES ORGANISTES

DE ROND PATRICK
L-1482 LUXEMBOURG • 13, RUE CHARLOTTE ENGELS
TÉL.: 661 55 94 89 - PATRICK@DEROND.COM

MEMBRES

BOCK ALPHONSE
L-9976 SASSEL • MAISON 24
TÉL.: 99 88 58 - FAX: 97 94 57

RONKAR MICHEL
L-1944 LUXEMBOURG • 13, RUE FRANZ LISZT
TÉL.: 621 24 54 84 - INFO.RONKAR@GMAIL.COM

STRONCK JEMP
L-5450 STADTBREDIMUS • 10, WENGERTSWEE
TÉL.: 23 69 82 01 - JSTRONCK@PT.LU

UNION SAINT-PIE X - PIUSVERBAND ASBL

Fédération Nationale des Chorales d'Eglise de l'Archidiocèse de Luxembourg

Association sans but lucratif • Association reconnue d'utilité publique

L-8009 Strassen • 3, route d'Arlon

Téléphone: 26 20 18 99

Fax: 26 20 18 98

Secrétariat: saintpie@pt.lu

Centre de documentation: unionpie@pt.lu

Sites internet: www.piusverband.lu - www.chorales.lu - www.orgues.lu

Heures d'ouverture:

Secrétariat et Centre de documentation:

lundi, mardi, jeudi, vendredi de 7h30 à 12h30

Relations bancaires:

CCPL: IBAN LU97 1111 0404 8637 0000

Les dons versés à l'USPX en sa qualité d'association reconnue d'utilité publique sont déductibles à titre de dépenses spéciales. L'USPX fera parvenir aux donateurs un certificat de don pouvant être joint à la déclaration d'impôt.

L'Union Saint-Pie X bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture.

CANTICUM NOVUM

Bulletin trimestriel de l'Union Saint-Pie X

Imprimerie EXE S.A., Troisvierges

Tirage: 1900 exemplaires

Le bulletin est distribué gratuitement aux sociétaires des chorales de l'Archidiocèse de Luxembourg affiliées à l'Union Saint-Pie X.

Abonnement pour les non-membres: 7 € par an

Les articles signés reflètent l'opinion de l'auteur.

L'Union Saint-Pie X n'y est nullement engagée.

Sommaire

Leitartikel: Ein bisschen mehr Respekt gewünscht!	3
Neiegkeeten aus dem Verband	4
Oktavmass vum Piusverband	5
D'Kierchemusek: eng Fënster fir eise Glawen	6
Die feierliche Oktav-Schlussprozession	8
Ronderëm d'Oktav a méi	9
Space Opera auf drei Manualen	11
Der Kirchenchor von Knaphoscheid-Selscheid	12
De Ministère de la Culture huet invitéiert	13
Kulturdag	13
A(c)ve,(ef) spes(e) no(fh)stra,(f.;	14
Concert in memoriam Paul Philippy	17
91 Joer al, 81 Joer Sänger	18
Ils ont rejoint les chœurs célestes	19

Couverture:

Logo vun der Synod 2021-2023

Photos: G. Kieffer, L. Willkomm

Ein bisschen mehr Respekt gewünscht!



Liebe Sängerinnen und Sänger,

Am 11. Mai 2022 wurde ich als Nachfolger unseres verstorbenen Präsidenten Albert Brauch einstimmig zum neuen Präsidenten des Piusverbandes gewählt.

Daher möchte ich mich zuallererst bei allen Vorstandsmitgliedern und Delegierten herzlich bedanken für das Vertrauen, das sie mir in unserer Versammlung vom 11. Mai 2022 ausgesprochen haben.

Auch bei Euch möchte ich mich bedanken, liebe Sänger*innen, sowie bei den verschiedenen Chören und bei allen dem Piusverband nahestehenden Personen aus dem religiösen und dem politischen Leben für die erhaltenen Glückwünsche anlässlich meiner Amtseinführung.

Ich werde, zusammen mit den Vorstandsmitgliedern, alles daransetzen, in der Gegenwart, aber vor allem auch in Zukunft, die Entwicklung des Piusverbandes voranzutreiben.

Nun möchte ich übergehen zu meinem heutigen Leitartikel:

„**Das Vor und das Nach dem Gottesdienst**“ will ich näher betrachten aus der Sicht eines aktiven Sängers. Ich möchte auch unsere sehr engagierten Dirigenten*innen und Organist*innen einbeziehen. Die wöchentlichen Proben, die wir benötigen, um an Sonn- und Feiertagen die Gottesdienste gesanglich verschönern und musikalisch umrahmen und bereichern zu können, erfordern einen hohen Zeitaufwand. Dies gilt in hohem Maße auch

für die Dirigenten, die uns mit ihrem Fachwissen und vor allem auch mit viel Geduld und Einsatz auf besagte Feierlichkeiten vorbereiten. Mit Vorfreude und auch mit einem gewissen Ehrgeiz beteiligen wir uns mit allen Kirchgängern an diesen Gottesdiensten, wie die Erstkommunionfeiern oder kirchliche Trauungen.

Nebenbei bemerkt: **„Ja man kann und darf noch immer kirchlich heiraten“**, auch wenn in einer luxemburgischen Tageszeitung am 11. Mai zu lesen war: **„Anders heiraten“**. Da wurden alle möglichen Orte aufgezählt, an denen man künftig heiraten kann, wobei hauptsächlich die zivile Heirat gemeint war.

Bei Festlichkeiten, wie einer Erstkommunion oder einer kirchlichen Trauung, bereiten wir uns noch **„vor dem Gottesdienst“** mit dem Einsingen vor. Eine dreiviertelstündige letzte Probe vor Beginn der eigentlichen Feierlichkeit ist dabei keine Seltenheit.

Während dieser Probe vor der Messfeier begeben sich dann schon die ersten Familien und die geladenen Gäste ins Innere der Kirche.

Hier prallen dann menschliches Kommunikationsbedürfnis und die notwendige Konzentration auf die letzte Gesangsprobe vor der eigentlichen Feier aufeinander. Ohne Rücksicht auf die laufende Probe wird unten in der Kirche eifrig diskutiert. Dass diese Gespräche die Vorbereitung des Chores stören und somit auch gegebenenfalls den Ablauf der nachfolgenden Feier beeinträchtigen können, wird dabei kaum zur Kenntnis genommen.



Ich kann verstehen, dass an solchen Tagen Eltern, Kinder, Verwandte und Freunde sich auf die bevorstehenden Feierlichkeiten freuen. Hinzu kommt die Wiedersehensfreude, welche sich in lauten Begrüßungsszenarien niederschlägt. Es sind beileibe nicht die Kinder, es sind auch und vor allem Erwachsene, die sich lauthals untereinander austauschen und diskutieren. Hier wäre ein **bisschen mehr Respekt** erwünscht gegenüber dem Chor.

Gleiches gilt natürlich für das **„Nach dem Gottesdienst“**

Während unsere Organist*innen die sogenannte „Sortie“ zum Schluss des Gottesdienstes darbieten, verlassen die Besucher oft fluchtartig, laut redend und gestikulierend die Kirche. Ein kurzes Innehalten der gesamten Audienz mit anschließendem Applaus am Ende der „Sortie“ wäre wünschenswert. Diese Wertschätzung stellt den verdienten Lohn für die zeitaufwändige und intensive Vorbereitung unserer Organist*innen dar.

Ich will deren Einsatz und ihre Leistung würdigen; ohne diesen Einsatz wären unsere gesanglichen Darbietungen schier unmöglich, und somit wären die kirchlichen Feiern insgesamt um vieles ärmer.

Um die gegenseitigen Erwartungen und Rollen zu klären, scheint es mir notwendig, Kinder und Erwachsene, d.h. alle Gäste, diesbezüglich im Vorfeld der Feierlichkeiten zu informieren, damit ein würdevoller Ablauf gewährleistet werden kann. In der heutigen Welt ist es nicht mehr alltäglich, Vorbereitung, Ablauf und Zeremoniell der Gottesdienste zu kennen. Früher gültige Verhaltens- und Denkmuster sind nicht mehr selbstverständlich.

Hier ist dringend Abhilfe nötig, auch wenn das einen zusätzlichen Zeitaufwand darstellt.

Das vorbereitende Gespräch mit dem Pfarrer kann schon genutzt werden, um die Erwartungen und

Rollen während eines Gottesdienstes darzulegen. Dies bedingt natürlich ein vorheriges, klärendes Gespräch zwischen einer Chordelegation mit dem amtierenden Geistlichen unter Einbeziehung des in der Kirche tätigen Personals.

Am Festtag selbst können zusätzliche Empfehlungen seitens des Pfarrers, des Küsters respektive einer Delegation von Chormitgliedern wiederholt, höflich und gezielt auf die gegebene Situation hinweisen, um Erwartungen und Rollenverständnis zu klären. Ein beharrliches Nachhaken, mit der nötigen Ausdauer gekoppelt, kann sicherlich helfen, den beschriebenen Konflikt zu entschärfen und gegenseitiges Verständnis aufzubauen. Dies ist al-

lemal besser, als „die geballte Faust in der Tasche“.

Aber dieser Prozess braucht Zeit, Geduld und nicht zuletzt Einfühlungsvermögen allerseits. Und vergessen wir nicht, auch kleine Schritte bringen uns voran und sind allemal besser als Stillstand.

Zum Schluss wünsche ich Euch allen eine erholsame Ferienzeit. Wir brauchen alle eine Zeit der Ruhe und der Besinnlichkeit, um neue Kraft zu schöpfen. Danach wollen wir uns mit allen Chormitgliedern mit frischem Mut und Freude auf die kommende Zeit vorbereiten.

Marc BOEVER

Präsident des Piusverbandes

Neiegkeeten aus dem Verband



- An hirer Versammlung vum 11. Mee 2022 hunn d'Membere vum Zentralcomité an d'Delegéiert vum Piusverband den Här Marc BOEVER eestëmmeg als **neie President** vum Piusverband gewielt, deen d'Missioun vum verstuerwene President Albert Brauch gären iwwerhëlt.

- D'Madame Marie-Suzette MAYER iwwerhëlt als **nei Vize-Presidentin** d'Charge vum Här Marc BOEVER.



- Wéi mir dat schon am CN2/2021, S.18 ugekënnegt haten, huet eng **Aarbechtsgrupp** d'Verbandsstatutten iwwerschafft, fir se unzepassen (z.B. gëtt et keng Pastoralregioune méi), méi einfach ze maachen, awer och nei Méiglechkeeten ze bidden. Dës Propose schéngt elo juristesesch an der Rei ze sinn.

- Bei de **Regionalversammlungen** Ufank Oktober wäert de Comité de Statutevirschlach erklären, d'Veräiner kréien den Text virdu geschéckt. Och den Affekot, deen eis beroden huet, ass bei de Regionalversammlungen

derbäi, fir op Är juristesesch Froen ze äntweren. D'Versammlunge si virgesinn zu Dikrech, Rued-Sir a Reckeng op der Mess; genee Terminer ginn d'Veräiner esou séier wéi méiglech gewuer.

- Duerno soll eng **Ausseruerdentlech Generalversammlung** am Hierscht iwwert d'Statuttenännerung ofstëmmen. Wann d'Ännerung ugeholl gëtt, wiert **Uerdentlech Generalversammlung** Ufank Februar 2023 den neie Comité.

- De Büro vum Piusverband bleift vum 15. August bis den 2. September 2022 zou. Mir wënschen Iech all an och de Leit vum Büro eng schéi **Summervakanz**.

Oktavmass vum Piusverband



Zwee Joer laang huet duerch d'Pandemie d'Muttergottesoktav nëmmen a ganz reduzierter Form kënnen gefeiert ginn: 2020 ware keng ëffentlech Gottesdénsgescheften erlaabt, 2021 war d'Zuel vun de Sängerinnen a Sänger op 10 beschränkt an huet eis Chorallen zu allerlee onfräiwëlleg kreative Léisunge gezwongen. 2022 war d'Freed duerfir grouss, erëm eng Oktavmass mat ganzem Chouer a grousser Assemblée feieren ze kënnen.

Esou ganz normal war awer nach net alles: duerch d'Arbechten un der Haupt-Uergel war den Duxall net zougänglech, an d'Chorallen hunn d'äerfe vis-à-vis op der Fürstentribün gesungen, wou en Uergelpositiv stoung, fir ze begleeden.

D'Oktavmass fir de Piusverband war d'ëst Joer um Owend vum éischten Oktavsonndeg, fir vill Member vun eise Choralle vläicht en ongewinnten Termin; ganz gutt besicht war dës Mass jiddefalls net. Mir waren awer ganz frou, dass eisen Äerzbëschof Mgr Jean-Claude Kardinal Hollerich, de Weibëschof Mgr Leo Wagener an den Här Dechen Tom Kerger bei dëser Mass dobäi waren, déi vum Här Claude Bache, Conseiller ecclésiastique vum Piusverband, mat den Häre Georges Hellinghausen an Jean-Pierre Reiners konzelebréiert gouf.

Musikalesch gouf d'Mass encadréiert vun der Chorale Ste-Cécile vun Dikrech. Hiren Dirigent, den Här



Raymond Majerus, hat e Programm zesummegeallt, op deem och eng ganz Rei Stécker vu Komponistestoungen, déi hei an der Kathedral gewierkt hunn, ënnert anerem René Ponchelet, Carlo Hommel a

Jean-Paul Majerus. Um Uergelpositiv gouf de Männerchouer begleet vum lechternacher Basilikaorganist Jos Majerus.

Laurent WILLKOMM

D’Kierchemusek: eng Fënster fir eise Glawen

1. Wat mécht e gudde Chef aus? Et ass eng pertinent Fro. Eng wäit iwver 1000 Joer al „Stellebeschreibung“ fir e gudde Chef – wann ech esou soen däerf – staamt aus dem Klouschter vum hellege Benedikt: *D’Reegel vum hellege Benedikt* ass haut a Managerseminairen erëm voll am Trend. Do gëtt et och kloer Usoe fir de Chef selwer: Hie soll méi opfalen duerch dat, wat hie mécht, wéi duerch dat, wat hie seet. Hie soll och op de Rot vun deene lauschteren, déi méi jonk an net esou routinéiert sinn, well si hu vläicht méi frësch Iddien. Wann de Chef – hei den Abt vum Klouschter – dat berücksichtegt huet, da soll hien decidéieren – an da mussen se sech alleguer dorunner halen, fir datt et kee Chaos gëtt. E gudde Chef muss deemno nolauschteren an da kloer Positioun bezéien. Dat, wat hie seet, muss däitlech a konsequent sinn, an et muss ee sech op hie verlosse kënnen. Nëmme esou entsteet Vertrauen, dat schützt an an engems e Fräiraum opmécht; dat motivéiert an opbaut. Dat ass et, wat een en „Dénge vun uewen no ënnen“ nennt – *Servant leadership*, wéi et haut am Jargon vun der Management-Theorie heescht.

Awer och d’Reegel vum hellege Benedikt ass keng nei Erfindung. Hie selwer steet an enger laanger Traditioun. D’Evangelium vum „Gudden Hiert“, dat haut, um 4. Ouschter- an 1. Oktavsonndeg an eise Kierche gelies gëtt, klängt do an eisen Oueren. „Dénge“ ass dann nämlech net einfach esou eng eidel Floskel fir een, dee Chef wëllt spillen, mä et ass usprochsvollen Alldag. Fir sech z’orientéieren, brauch een eng verantwortlech Féierung a Féierungskraaft, an dat am déifste Sënn vum Wuert. Wéi e gudden Hiert fir seng Schof: hie beschützt seng Häerd a mécht si staark.

Dat mécht deemno eng wierklech Féierungskraaft aus: Nolauschteren, dat Gutt fir se all – an net nëmme fir sech selwer – am Bléck halen a konkret Aussoe maachen, op déi ee sech verlosse kann an déi ee virubrénge.

2. Eis Kierch ass zwar keng Firma, an dach brauch si eng gutt Féierung, e gudde Management. An der Kierch vun haut wënschen sech vill Mënsche kloer Aussoen – dat huet jo d’Ëmfro am Kader vun der Synod elo gewisen. Esou kloer Aussoe ginn och vun eisem Poopst gewënscht. Elo ginn et der, déi him Schwächt bei der Féierung vun der Kierch virwerfen. Anerer kritiséieren, wann de Poopst eppes seet, wat hinnen net an de Krom passt. Ass eise Poopst Franziskus dofir elo e schlechte Chef, oder ass et awer e gudden Hiert?

D’Äntwert op dës Fro gëtt vläicht déi Dokumentatioun, déi vrun e puer Joer erauskoum ënnert dem Titel: *„Papst Franziskus, ein Mann seines Wortes“*. De Regisseur *Wim Wenders* huet de Poopst dobäi an sengem Alldag begleet, bei sengen Optrëtter, senge Begéinunge mat de Mënschen, z.B. an der Clinique an am Prisong, bei de groussen Audienzen a bei deene méi perséinlechen Amenter. An hien huet en interviewt zu deem, wat dem Poopst wichteg ass: d’Baarmhärzegheet. De Glawen als eng zäertlech Begéinung mam Herrgott. D’Mënschen un der Peripherie an de Bléck huelen. Doriwwer nodenken, wat dat, wat mir hei op der Äerd maachen (oder och net maachen), mat de globale Froe vun der Ëmwelt, der Gerechtegheet an dem Fridden ze dinn huet.

D’Wuert – an d’Muecht vun de Biller: dat ass dem Poopst seng Féierungskraaft – mat allemënschleche

Grenzen, déi hie sécher och huet, wéi mir alleguer. An déi Féierungskraaft wierkt sech am beschte Fall kräfteg op déi aus, déi mat him zesummeschaffen an déi da méi selbstbewusst a méi selbstverantwortlech gestärkt handele kënnen, a sech net hannert dem „Papa Francesco“ verstoppen.

Dat kann hien zu engem gudde Chef, engem gudden Hiert an der Nofolleg vu Christus maachen – a motivéieren, et an där eegener Verantwortung grad esou ze probéieren: Ouer an Häerz bei de Mënschen, de Bléck op eng gutt, lieweg Zukunft geriicht, mat engem – deem do uewe sengem – Wuert, dat schützt, encouragéiert a Kraaft gëtt.

3. Wat mécht e gudde Chef aus?, sou hunn ech um Ufank vun dëser Priedegt gefrot. Dat, wat ech elo iwver de Poopst an iwver d’Kierch gesot hunn, dat kënnen mir och Eent zu Eent op äis uwennen, déi mir äis haut den Owend hei an der Cathedral virum Gnodebild vun eiser Tréischterin afonnt hunn, fir zesummen d’Oktavmass fir de Piusverband ze feieren. Ech kann deemno d’Fro och esou stellen: Wat mécht e gudden Dirigent aus? Wat muss hie maachen, fir säi Chouer gutt ze féieren? A wéi mussen déi eenzel Sängerinnen a Sänger zu hirem Dirigent stoen, wa se wëllen, datt d’Botschaft, déi si mat hirem Gesank vermëttelen wëllen, och ukënnt?

Ech hu vum Poopst gesot, hien hätt säin Ouer a säin Häerz bei de Mënschen, hie hätt de Bléck op eng gutt, lieweg Zukunft geriicht, an dat mat deem do uewe sengem Wuert, dat schützt, encouragéiert a Kraaft gëtt.

Genee dat ass och dem Dirigent vun engem Kierchechouer seng Aufgab. Och hie muss en Ouer an en Häerz fir



d'Mënschen hunn, fir déi si sängen, an zwar fir déi ganz konkret Mënschen an hirer ganz konkreter Stëmmung a Liewenssituatioun. Eng Chorale, déi an der Kierch bei freedegen a bei manner freedege Geleeënheete séngt, huet do eng eminent wichteg Roll ze spillen, well als Kierchchouer steet si am Déngscht vun der Verkënnegung, dat heescht vun der Vermëttlung vun eisem Glawen un dee gekräizegten an operstanene Christus. Den Dirigent, deen e Programm opstellt, muss sech ëmmer erëm d'Fro stellen: Wéi kann ech duerch d'Musek an duerch den Text vun deem, wat mir sängen, de Glawen un d'Leit an der Kierch weiderginn? A wéi bréngen ech et fäerdeg, fir souwuel menge Sängereinnen a Sänger wéi och de Leit an der Kierch Courage ze maachen a Kraaft ze ginn, hire Liewenswee mam Bléck op Christus ze goen, trotz alle Réckschléi, déi hinne vläicht op deem Liewenswee begéinen? En Ouer an en Häerz fir d'Mënschen hunn, de Bléck op eng gutt, lieweg Zukunft geriicht, an dat mat deem do uewe sengem Wuert, dat schützt, encouragéiert a Kraaft gëtt.

4. D'Sängen an d'Musekmaachen als Luef vum Herrgott an als Äntwert op säin Handeln ass en Optrag, dee schonns d'Bibel gëtt: „*Cantate Domino canticum novum - Sangt dem Här en neit Lidd*“, heescht et am Psalm 98. An de Psalter gëtt ofgeschloss mat

dem Opruff: „*Lobt ihn mit dem Schall des Widderhorns, lobt ihn mit Harfe und Leier! Lobt ihn mit Trommel und Reigentanz, lobt ihn mit Saiten und Flöte! Lobt ihn mit tönenden Zimbeln, lobt ihn mit schallenden Zimbeln. Alles, was atmet, lobe den HERRN. Halleluja! (Ps 150,3-6).*“

D'Musek an de Gesank hunn d'Kierchegeschicht zu engem gudden Deel matbestëmmt. Eis Gottesdénsgchter sinn net ouni déi grouss Komponisten an hir Wierker ze denken.

D'Musek an de Gesank si souzesoen eng Fënster fir de Glawen, si loosse Raum fir individuell spirituell Erfahrung. Si gehéieren zum Culte vu praktesch jiddwer Weltrelioun. Theologie a Kierchemusek sinn Zwillingen am Haus vun der Kierch. Si brauchen een deen aneren, wa lieweg Gemeinschaften dem Herrgott seng frou Botschaft op villfälteg Manéier wëlle lieweg gi loossen. Well d'Evangelium brauch Formen, an deenen et ausgedréckt a beäntwert gëtt – sief et duerch d'Priedegt, sief et duerch d'Kierchelidd, sief et duerch d'Uergelspill, sief et duerch de Gesank vun der mënschlecher Stëmm an deenen ënnerschiddlechste Stiler. Eng Kierch ouni Musek a Gesank wier wéi eng Gesellschaft ouni Kultur. Si hätt keng Chance, fir een dem Mënsch ugepasste

Räichtum un Ausdrucksformen z'entwëckelen.

D'Kierchemusek ass awer net nëmmen e Medium vun der Verkënnegung, net nëmmen eng Äntwert op d'Evangelium, si ass och Léiermeeschtesch vum Glawen – si vermëttelt geeschtlech Texter, si schafft e Repertoire vu reliéiser Sproochfäegkeet a kleet d'Traditiounen vun der Kierch an al wéi an nei Klanggewänner.

D'Kierchemusek bréngt vill Mënschen iwwer d'Schwell vun eise Kierchen; d'Kierchchouer banne Mënschen an d'Gemeinschaft an a loosse si zu aktive Membere vun der Communautéit ginn, déi sech abréngen. An esou entsteet Gemeinschaft tëscht deenen, déi sängen a spillen, an deenen, déi nolauschteren. Och dowéinst ass eis kierchlech Gemeinschaft eng Communautéit, déi séngt an déi spillt.

An der öffentlecher Perception sinn eis Kierchchouer eng wichteg kulturell Kraaft, déi zum Glawe féiert, och wann si et ëmmer méi schwéier kréien, well et un Nowuess feelt oder duerch d'Corona-Pandemie eng ganz Rei Memberen ewechbleiwen a vläicht guer net méi erëmkommen. Déi awer, déi hiren Déngscht trei weiderféieren, hëllefen de Mënschen, d'*Schéinheet* vun eisem Glawen z'entdecken, esou wéi de Motto vun eiser Oktav vun dësem Joer äis et jo noleet.

5. An dofir wëll ech – als Aumônier vum Piusverband – dës Priedegt ofschléisse mat engem groussen an éierleche *Merci* un lech all, Dirigenten, Organisten, Sängereinnen a Sänger, fir Äert grousst Engagement dat ganz Joer iwwer, an ech encouragéieren lech: Stellt lech weiderhin duerch d'Musek an de Gesank an den Déngscht vun der Verkënnegung, gitt duerch Äert Beispill e lieweg Zeechnes fir d'Evangelium a sidd ewéi eng faarweg Fënster, déi d'*Schéinheet* vun eisem chrëschtliche Glawen opstrale léisst an de Mënschen nei Hoffnung fir hire Liewenswee schenkt!

Amen.

Claude BACHE

Die feierliche Oktav-Schlussprozession.



Es war ein krönender Abschluss der diesjährigen Oktave, als junge Priester das Gnadenbild der Trösterin der Betrübten in der Schlussprozession durch die Straßen der Stadt Luxemburg trugen. Bei schönem Wetter säumten unzählige Menschen den Straßenrand und verfolgten von dort aus den Ablauf der Prozession. Nicht weniger als 43 Gruppen waren auf dem Programm aufgeführt. Die Aufhebung der Corona-Maßnahmen und das gute Wetter gaben dem Ganzen noch eine wichtige Note dazu.

Wenn auch auffallend weniger Gruppen teilnahmen und im Allgemeinen ein Rückgang an Pilgern zu verzeichnen war, konnte man aber feststellen, dass die Gruppen unserer nicht Luxemburgisch sprechenden Mitbürger nicht abgenommen hatten. Im Gegen-

teil. Sie trugen mit ihren farbenfrohen Kleidern dazu bei, dass die Prozession ein sehr farbiges Bild abgab.

Auch wir, die Mitglieder des Piusverbandes, waren an der Schlussprozession beteiligt, auch wenn unsere Pilgerschar kleiner war als sonst. Sehr zufrieden konnten wir uns beim Ruhealtar in der Rue de la Reine am eucharistischen Segen beteiligen. Es war zum ersten Mal, dass unsere Gruppe auf den dort aufgestellten Bänken beim Altar Platz nehmen durfte.

Zusammen mit den Sängerinnen und Sängern der „Maîtrise Sainte-Cécile de la Cathédrale Notre-Dame de Luxembourg“, die sich beim Gnadenbild aufgestellt hatten, sangen wir einstimmige Muttergotteslieder mit. Diese Art von Zusammensingen schwang

auf viel Gläubige über, die sich hinter den Absperrungen befanden. So wurden diese Minuten des Wartens auf das Eintreffen der Bischöfe und Ehrengäste sowie des Allerheiligsten für uns alle zu einem sehr besinnlichen Moment.

Besonders erwähnenswert war die gesangliche und musikalische Darbietung der „Maîtrise“ unter der Leitung ihres Dirigenten Marc Dostert sowie des Domorganisten Paul Breisch. Ihre gesanglichen und musikalischen Darbietungen gaben dem Ganzen eine sehr feierliche Note. Dabei nicht zu vergessen: bei der Schlussandacht in der Kathedrale erklang am Ende das hervorragend interpretierte Halleluja von Georg Friederich Händel.

Als ein sehr zufriedener neuer Präsident des Piusverbandes möchte ich hiermit allen, die an dieser Schlussprozession in irgendeiner Form beteiligt waren, einen sehr großen Dank aussprechen. Wir haben gezeigt, dass wir, bei gutem Willen, zusammen auf dem gleichen Weg unterwegs sein können.

Und bitte denkt daran: Die Muttergottes-Oktave ist ein Stück Heimat, ein Stück Tradition, und wir müssen alles daransetzen, damit diese Tradition auch in unserer Heimat eine Zukunft hat.

Marc BOEVER
Präsident des Piusverbandes

Ronderëm d'Oktav a méi

Um Sonndeg, de 15. Mee war an der Nidderwëlzer Kierch de Concert national vum Piusverband. Eigentlech war dëse Concert schonn de 15. November 2020 ënnert dem Titel „150 Joer Kierchemusek“ am Kader vun „150 Joer Diözese Lëtzebuerg“ geplangt, mee wéi esou vill Aktivitéite war och dës en Affer vun der Pandemie ginn.

Bei dësem Concert konnt de Marc Boever, dee 4 Deeg virdu vum Zentralcomité als neie President gewielt gi war, vill Leit begrëssen, dorënner den Här Deche Maurice Péporté, de Wëlzer Schäfte Patrick Comes, den Deputéierten André Bauler, den UGDA-Vizepräsident Rob Koeller, vill Leit aus de Verbandsgrëmmen, awer besonnesch och d'Famill vum Albert Brauch, dee vun 2011 bis 2021 President vum Piusverband war an zu deem senger Éier dëse Concert gesonge gouf.



D'Chorale Municipale Ste-Cécile ass e Fusiounsveräin, deen no laanger Zesummenaarbecht 1999 offiziell aus den zwee Kierchechëier vun deenen zwou fréiere Wëlzer Paren entstanen ass. De Josy Putz (deen zënter 1967 hei dirigéiert!) an de Claude Windeshausen hu sech op der Uergelbänk an um Dirigentepult ofgewiesselt, fir hier



knapp 40 gutt virbereete Sängerinnen a Sänger duerch dëse Programm ze féieren, bei deem och vill Stécker an Arrangementen vu Lëtzebuurger Komponisten ze héiere waren.

D'Lëtzebuurger Muttergottesoktav spillt all Joer eng grouss Roll am Liewe vun eise Chorallen, Dirigenten, Organisten, awer och Komponisten, a well dëse Concert an der Mëtt vun der Oktav war, waren am éischten Deel och eng ganz Rei Wierker vu Lëtzebuurger Komponisten zu dësem Thema ze héieren. De Claude Windeshausen huet mat engem eegenen Uergelprélude ugefaangen, duerno huet de Chouer säin Arrangement vun „Ech grëssen Dech am Heemechtsdum“ gesongen. „Ave spes nostrá“ vum Jos Kinzé, „A maiden most gentle“ vum Andrew Carter, (hei mam albekanntem däitschen Text „Maria zu lieben“), „Mat Dir an eng nei Zäit“ vum Thierry Hirsch, 2016

am Kader vum 350. Jubiläum op en Text vum Renée Schmit entstanen, stoung weider um Programm. Den Ofschluss vum éischten Deel waren d'Variationen iwwer „Selig das Volk“ vum Dom P. Benoît, bei deenen een och déi klanglech Méiglechkeete vun der Wëlzer Uergel (Eisenbarth (Passau) 1996) bewonnere konnt.

Um Programm vum zweeten Deel stoung d'„Messe zu Ehren des Heiligen Franz von Assisi“ vun 1950 vum Schwäizer Komponist Johann Baptist Hilber (1891-1973). De Verlag beschreift dës Mass esou: „Diese Messe wurde mit vollem Bedacht als kurze und leichte Messe geschaffen. Sie ist nicht eine anspruchsvolle Festmesse, nur von leistungsfähigen Chören zu bewältigen, sondern sie möchte in erster Linie dem sonntäglichen Hochamt und den kleineren Kirchenchören dienen.“ Mir hunn d'Gefill, dass déi meescht kleng Kierchechëier hei-

vunner wäit iwverfuerdert wieren. Déi Wëlzer waren dat ganz sécher net; hei huet de Chouer eigentlech an alle Lagen an Nuancen eenheetlech an ausgeglach geklongen a woussst och d'Akustik vun der Kierch gutt ze notzen.

Den drëtten Deel huet klanglech vill Ofwiesslung bruecht: en huet ugefaange mat Uergelvariatioune vum Patrick Colombo iwver „A treze de maio“, déi hei zu Wolz mat zwee Deeg „Verspéidung“ quasi op hirer natierlecher Plaz waren. „Jubilare Deo“ vum Robert Jones huet Uergel a Chouer alternéiere gelooss, mam „Victimae paschali“ vum Alexis Bakond stoung en a cappella-Stéck um Programm, am „Tantum ergo“ vum Charles-Marie Widor hu mir dann de Guy Putz als Solist héieren, iert de „Pater noster“ vum Jempi Kemmer den Deel ofgeschloss huet

De Marc Boever huet un den Albert Brauch erënnert, un dee mir jo och bei dësem Concert geduecht hunn: „Dem Albert seng Krankheet huet net zougelooss, dass hien dem Liewe méi Stonne konnt ginn, mä hien huet de Stonnen awer vill Liewe ginn, a mir hunn all dovunner profitéiert. Jo, viles huet hie mam Sengen a Bewegung gesat, an ëmmer an der Hoffnung dass alles dat, wat hie gemaach huet, och soll seng Friichten droen. Esou och während all deene Joren, wou hien am Piusverband war: hien huet viles geplangt, fir dass d'Sange soll un eis Mënsche weider gedroe ginn.“ Genee 3 Méint no sengem Doud war d'Chrëschttagssangen zu lechternach, genee 8 Méint nom Begriefnes dëse Concert national, béides hat hien nach mat geplangt. „Albert, zu Denger Eier sinn de Mëtteg vill Leit kommen, déi Dir all mat Respekt e grouse waarme Merci soe fir alles wat s Du an all deene Joren zum Wuel vun eiser Chrëschtlecher



Gemeinschaft gemaach hues.“ Um Schluss vum Concert stoung de Psalm 150 vum César Franck „Louez le Dieu caché dans ses saints tabernacles“, an als Zugab hunn déi Wëlzer „Tu es Petrus“ aus dem „Christus“-Oratorium vum Franz Liszt gesongen. E Programm, an deem Chouer an Uergel gefuerdert waren an ëmmer iwverzeege a begeschtere konnten.

De Marc Boever huet an deem Sënn deenen zwee Dirigenten an Organiste Merci gesot fir déi Leidenschaft a Genauegkeet, mat där si dëse Concert virbereet hunn an huet zum Schluss besonnesch deene jonke Sänger de Gedanke mat op de Wee ginn: „Dir wäert ni-mools eleng sängen, esou laang dir an engem Chouer aktiv sidd.“

Laurent WILLKOMM



Space Opera auf drei Manualen



Zur Sommersonnenwende, am 21. Juni, feiert man in Frankreich seit 1982 die „Fête de la Musique“, in Luxemburg offiziell und regelmäßig seit 2000. Die Veranstaltungen in diesem Rahmen sollen die Vielfalt der Musik betonen, auch weniger bekannten, lokalen Musikern Auftrittsmöglichkeiten bieten und für das Publikum frei zugänglich sein. Auch der Piusverband war schon etliche Male dabei und hatte für Freitag, den 17. Juni, hatte zu einem etwas außergewöhnlichen Orgelkonzert unter dem Titel „L'orgue fait son cinéma – Star Wars Special“ in die Pfarrkirche von Clerf eingeladen.

Star Wars – neun große Kinofilme, unzählige Bücher, Comics, Spiele und Fernsehserien gehören in dieses Umfeld, das in einer fernen Zeit in einer fernen Galaxis angesiedelt ist, wo Raumfahrt, Androiden und sonstige fortgeschrittene Technik den Rahmen bilden, die Handelnden aber von sehr menschlichen Gefühlen und Beweggründen angetrieben werden: eine Opernhandlung im Weltraum. „Space Opera“ ist wohl der geeignete Begriff: die Nähe zu Mythos, Märchen, Fantasy und Heldenepos ist weit größer als zur eigentlichen Science Fiction. Der ursprüngliche „Star Wars“-Film erschien schon 1977, wurde 1980/83 zur Trilogie ausgebaut und bis 2019 durch

jeweils drei Vorläufer- und Nachfolgefilme ergänzt. Die Musik für die neun Filme stammt vom US-amerikanischen Komponisten John Williams (*1932 in New York) und wirkt durchaus „klassisch“: hier herrschen nicht die Atonalität und die Kompositionsverfahren der Neuen Musik, sondern die Akkordstrukturen und Leitmotivtechnik der spätromantischen Oper. Dazu passt auch die Besetzung mit großem Symphonieorchester (im Original London Symphony Orchestra) und Chor, also akustische Instrumente, nicht elektronische Klangzeugung.

Für das Konzert in Clerf hatten es Michael Schneider (Lehrbeauftragter an der Musikschule des Kantons Clerf) und Anne Weis – De Jongh (Titularorganistin der Clerfer Pfarrkirche) unternommen, 15 Teile aus der Orchesterpartitur für die Kirchenorgel zu arrangieren.

